



**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Wunnengsbau a Landesplanung a vun der Justizministesch an op d'parlamentaresch Fro n°996 vum 12. Juli 2024 vum Här Deputéierten Marc Goergen betreffend « mesures de lutte contre l'habitat indigne et les marchands de sommeil ».**

Fro 1

Wat den Artikel vum 4. Januar 2023 ugeet, esou goufen déi Zuelen dem Essentiel vum Presseservice vun der Justiz matgedeelt.

Bei de parlamentaresche Froen ass et de Justizministère den d' Zuele bei de Justizautoritéiten nofreet, mee dee war net matt der parlamentarescher Fro n° 855 befaasst.

Op Nofro hi kënnen d'Justizautoritéite confirméieren dat bis haut nach eng Kéier 5 nei Affären dobäi komm sinn, awer keng nei Condamnatiounen.

Fro 2

Et kann een de Locatairenen nëmme roden, d'Schlofhändler bei der Gemeng ze denoncéieren, soss kann sech näischt un hirer Situatioun änneren. De Buergermeeschter ka bei enger Denonciatioun eng Visite vun de betreffende Wunnenge resp. Zëmmer ordonéieren, a villäicht duerch seng Interventioun eng Léisung mam Schlofhändler fannen, déi am Interêt vun de Locatairenen ass. De Schlofhändler misst nämlech wëssen, dass hien d'Fermeture vu senge Wunnengen oder Zëmmeren riskéiert, an also kee Loyer méi kritt, wann hien sech net un d'Gesetzter hält.

D'Regierung weist drop hin, dass Locatairenen "mat wéineg finanzielle Mëttelen" d'Méiglechkeet hunn eng "Assistance judiciaire" unzufroen. D'Gemengen a speziell de Buergermeeschter sinn zoustänneg fir déi onsaluber Wunnengen zouzemaachen an de Leit déi hir Wunneng verluer hunn, esou wäit wéi méiglech, eng Énerkonft z'assurieren.

Fro 3

Wéi schonns an der Äntwert vum 10. Juli 2024 zu der parlamentarescher Fro n°855 gesot, ass virgesi, den Aarbechtsgrupp "Salubritéit a Sécherheetscritèren" am Hierscht ze reaktivéieren. No den éischten Analyse vum Aarbechtsgrupp wäerten déi zoustänneg Ministeren sech concertéieren iwwer all Suiten.

Lëtzebuerg, den 13/08/2024.  
De Minister fir Wunnengsbau  
a Landesplanung,  
(s.) Claude Meisch